

Kontakt

Informationsblatt vum Fieldgen No 11 Freides, den 8. Dezember 2017

AGENDA

Vendredi, 8.12.	9h55 - 11h35 : confessions volontaires 14h30 - conseils de classe
Samedi, 9.12.	11h00 - 18h00 : Chrëschtbasar
Lundi, 11.12.	8h00 - rattrapages 10h45 - messe de Noël (classes inscrites) 7 ^{es} Bee Secure 14h30 - conseils de classe
Mardi, 12.12.	9h55-11h35 : Régence 11h35 - classes libres 13h00 - conseils de classe
Mercredi, 13.12.	8h00 - conseils de classe
Jeudi, 14.12.	8h00 - conseils de classe
14.12. - 15.12	7 ^{es} Weekend
16.12. - 1.1.18 (inclus)	Vancances de Noël

Advent 2017

Den Adventskalender (fräiwëlleg)

All Moien vun 7h45 bis 7h55 an der Kapell.

Start : Freideg, den 1. Dezember

D'Beichtgeleeënheet (fräiwëlleg)

An der Kapell, Freideg, den 8. Dezember

Am Prinzip:

- vun 9h55 bis 10h45 fir d'7en.
- vun 10h45 bis 11h35 fir all aner Klassen.

Well den 8. Dezember awer nach e Prüfungsdag ass, sollt dir iech fir d'Beichtgeleeënheet déi Stonn aussichen, déi iech am beschte geet.

Chrëschtmass

Méindes, den 11. Dezember um 10h45 : Chrëschttdagsmass an der Kapell

De 7es Week-end zu Clairefontaine (fräiwëlleg)

Den 14. a 15. Dezember.

An enger flotter Atmosphär erliewe mer 2 Deeg mat Gespréicher an Diskussiounen, kreativen Elementer a flotten Aktivitéiten, Spiller a Lidder, Momenter vu Stéllt a Rou...

E. Fröhlinger & R. Weickmans

Dem Fieldgen sein neien Picto

Ecole privée

fieldgen



Adventskalenner-Emoji-Quiz



Bis elo krute mir vu 60 SchülerInnen insgesamt mei wei 170 Äntwerten eran!
Mir soen jidderengem, dee scho bei eisem Emoji-Quiz matgemaach huet, e grouse MERCI!!!

Um leschten Dag vun eisem Rätsel (12. Dezember) hutt dir bis d'10-Auer-Paus Zäit är Äntwert ofzeginn.
Fir dat d'13. Buch kritt dir Bonuspunkten! No der 10-Auer-Paus gi mir de Gewënner duerch de Mikro bekannt

Bichermaart um Bazar



Mir siche SchülerInnen, déi eis um Bichermaart vum Chrëscht-Basar hëllef! Freides mëttes fir opzerichten a Samschdes am Daag.
Wann Dir Zäit a Loscht hutt, da mellt Iech bäi eis.

Kuch verkafen

Dir gitt mat ärer Klass während der *Semaine Projets* op eng Rees oder een Ausflug an wëllt bësse Suen era-kréien?

Dann kënnt dir **Méindes** an der **10-Auer-Paus** Kuch verkafen.

Dir musst Iech am Sekretariat bei der Mme Schaus an der Mme Schumacher mellen fir den Datum erauszesechen, wou der verkaaft.

Haut si KENG
études surveillées!



Virun der Proffekonferenz fannt der lo eng Boîte fir d'Sekretariat.
Dir kënnt also lo är Ziedelen an des Boîte geheien!



Young Women in Public Affairs Award 2018 (YWPA 2018)

<http://www.zonta.org/WhatWeDo/InternationalPrograms/YoungWomeninPublicAffairsAwards.aspx>

Du bass...

... tèschent 16 a 19 Joer aal,

... aktiv am Schoulléwe he i um Fieldgen engagéiert (Klassensprecherin, Schülercomité, CNEL, Semaine Raoul Follereau, Schülerinnen hëllef Schülerinnen, Chrëschtbazar, Forum des Jeunes, Jugendparlament, Mérite Jeunesse...)

(an/oder)

... an dénger Fräizäit am Benevolat (Fräiwëllegendéngsch an engem Club oder enger aanerer Organisatioun ewéi d'Scouten...) aktiv,

... du hues schon eng Medaille am Mérite Jeunesse oder kriss sie virum 1. Februar 2018,

... och dorunner interesséiert, waat an der Welt geschitt an d'Stellung vun der Fra hei zu Lëtzebuerg an an der Welt läit dir um Hätz,

da mell dech virum 12. Dezember bei der Madame Urbain, well dann kéinst du eng ideal Kandidatin sin fir un den Eliminatiounen fir d'Bourse Young Women in Public Affairs (YWPA) vum Zonta Club (www.zonta.org), engem weltwäite Service Club, dee sech fir d'Fraën asetzt, Deel ze huelen. D'Laureatin kritt 500 Euro a kann u weideren internationalen Eliminatiounen vum Zonta Deel huelen.



Chrëschtbasar
Samschdeg, 9. Dezember vun 11h - 18h